

D'Biergerinitiativ Quo vadis Käerch

  1, rue de l'École L-8385 Käerch
 +352 691 421 328
 info@quovadis.lu
 www.quovadis.lu



D'Biergerinitiativ Quo vadis Käerch gouf am Mee 2009 gegrënnt op Grond vun engem moderne Bauprojet direkt virum Schloss deen den Duerfkär vu Käerch verschampeléiert hätt. Mat alle méigleche Mëttelen ass sech dogéint gewiert ginn. Doropshin ass e Bau am classesche Stil gebaut ginn.

Quo vadis huet an enger éischter Phase drop gehalen fir dass ronderëm déi schéi Barockkierch déi ënner Denkmalschutz steet, deen historesch gewuessene Site mat deenen alen Haiser erhale bleift. Dat selwecht zielt och fir de Site ronderëm d'Gréiweschlass.

Mee och am Rescht vun der Gemeng gëtt et nach interessant Haiser déi nët sollen u Bauspekulanten falen déi eng gro-wäiss Këscht an d'Plaz wëlle praffen. Wéinst der Ästhetik si mir och grondsätzlech géint Flaachdiech an deenen 3 Dierfer aus der Gemeng.

Quo vadis gëtt och allkéiers aktiv wann et heescht et géifen erëm al an historesch wäertvoll Haiser verschwannen.



Mir beroden och gären d'Leit wann se wëlles hunn eng nei Fassad maachen ze loossen oder nei Fënsteren ze bestellen. Fir gudd Restauratiounen iwwerreicht d'Biergerinitiativ Quo vadis Käerch all Joer eng Unerkennung.

Fir en Archiv opzebauen, si mir interesséiert un ale Fotoën an un anerem historesche Material vu Käerch, Giewel a Gëtzen.

Quo vadis organiséiert reegelméisseg Ausstellungen a Konferenzen zu verschidene historeschen Themen.

Den Ament si mir amgang eng Chronik opstellen vun den Haiser aus den 3 Uertschaften Käerch, Giewel a Gëtzen déi virum 2. Weltkrich gebaut goufen. Des Aarbecht soll als Buch erauskommen.